LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Intérieur

Le Ministre



Un all zukünfteg Membere vum CGDIS,

Et ass mir eng grouss Freed an Éier Iech als Äre Minister däerfe matzedeelen, datt d'Chamber de Mëtteg d'Gesetz fir d'Schafe vum Etablissement public "Corps grand-ducal d'incendie et de secours" gestëmmt huet. Ab dem 1. Juli 2018 iwwerhëlt de CGDIS d'Geschécker vum Pompjees- a Rettungswiesen zu Lëtzebuerg, woubäi d'Gemengen an de Staat sech zesummen déi Aufgab wäerten opdeelen.

Ech si mer bewosst, datt Är Erwaardungen un de CGDIS grouss sinn an datt, no joerzéngtelaangen Ukënnegungen a Verspriechen, d'Zäit elo räif ass fir e modernt an effizient Instrument unzebidden.

Et ass an der Vergaangenheet Grousses geleescht ginn, mee dës Feststellung sollt eis net drun hënneren ze probéieren et nach besser ze maachen, fir eise Bierger am Fall vun Nout a Leed beschtméiglech ze hëllefen.

Där bréngt grousst Wëssen an Experienz mat, wourop mer och an Zukunft net wëllen, an net kënnen, verzichten. Ech setzen alles drun dat enormt Asazpotential ze erhalen an nach weider auszebauen.

Et ass fir mech d'Geleeënheet Iech all Merci ze soen, datt Dir Iech asetzt fir d'Sécherheet vun Äre Matbierger ze garantéieren. Déi Aarbecht déi Dir all Dag leescht ass wäertvoll a verdéngt d'Ënnerstëtzung vun der Politik. Si steet an der Verantwortung all deene Fräiwëllegen an Haaptberufflechen déi adequaatste Mëttelen zur Verfügung ze stelle fir hir Missiounen ze erfëllen.

Mär sinn immens houfreg, datt mir d'Erlaabnis vun eisem Grand-Duc krute fir dem Etablissement public den Numm "Corps grand-ducal d'incendie et de secours" ze ginn, wat an eisen Aen eng grouss Unerkennung ass fir dat wat mär am Déngscht vum Land leeschten.

De Wee bei de CGDIS war fir vill Leit vun eis ustrengend an intensiv. Erlaabt mer dofir, Iech all fir Är Ausdauer a Mataarbecht mäi Respekt auszeschwätzen.

Déi Verantwortlech vum CGDIS mussen op Äert Uleies sensibel bleiwen, wat de Garant zum Erfolleg, vun deem wat mer eis gemeinsam virgeholl hunn, muss sinn.

D'Vertrauen an Är Aarbecht ass héich a mir wësse wat mir un Iech hunn!

Mär wënschen Iech vill Erfolleg a perséinlech Satisfaktioun mam CGDIS.

Dan Kersch, Inneminister